N°1217
Entrée le 16.10.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Fro n°1217 vum 19. September 2024 vun der Madame Deputéiert Nancy Arendt, ép. Kemp**

Déi honorabel Deputéiert renseignéiert sech iwwert d'Auswierkunge vun den neie Gesetzgebungen an Däitschland an a Frankräich, no deene Pneuen déi just nach d'Kennzeechnung M+S (Mud and Snow) hunn net méi als Wanterpneue gëllen.

Et ass effektiv esou, dass Däitschland an och Frankräich hier jeeweileg Gesetzgebungen wat d'Wanterpneuen ugeet ugepasst hunn. Esou gëllen ab dësem Wanter an dësen zwee Länner just nach Pneuen déi e Piktogramm mat engem Bierg an enger Schnéiflack (déi offiziell Bezeechnung vun dësem Zeechen ass "3PMSF") hunn offiziell als Wanterpneuen. Dat bedeit, datt een an Däitschland, esou wéi zu Lëtzebuerg och, Wanterpneue muss hu wann d'Wiederkonditiounen dat verlaangen. A Frankräich gëllt d'Wanterpneuepflicht just an e puer spezifesche Regiounen (34 Departementer) vum 1. November bis zum 31 Mäerz, onofhängeg vun de Wiederkonditiounen.

Och wann eis Noperen dës Ännerungen an hire respektive Gesetzer virgeholl hunn, ass et zur Zäit net virgesinn de Code de la Route zu Lëtzebuerg an dësem Sënn ze änneren. Et sief awer dorops hi gewisen, dass wann een elo a Frankräich oder Däitschland fiert een sech un déi nei Gesetzgebunge vun dëse Länner hale muss an een net méi mat engem M+S Pneu am Wanter an dës Länner fueren däerf.

Wat dee vun der honorabeler Deputéierten ugeschwate Risiko ugeet, datt dës Zort Pneuen an Zukunft net méi verkaaft gëtt, esou leien dem Ministère keng esou Informatioune vir. Och wann M+S Pneuen an Däitschland a Frankräich am Wanter net méi als Wanterpneuen zougelooss sinn, esou däerfe se awer de Rescht vum Joer nach benotzt ginn. Ausserdeem sinn dës Pneue jo och entwéckelt gi fir am Terrain ze fueren an sinn do selbstverständlech och nach weiderhin zougelooss. Et ass also am Moment net dovunner auszegoen, datt M+S Pneue vum Marché verschwanne wäerten.

Lëtzebuerg, den 16. Oktober 2024

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes